piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Ee WORT-Artikel vum 12ten August beriicht doriwwer, dass fir de Bau vun der neier CFL-Streck tëscht Lëtzebuerg an Beetebuerg d'Bréck vum sougenannte „Saut-de-Mouton" bei Beetebuerg negebessert muss ginn, well no de Konstruktionskrittären aus dem Joer 2016 net ageplangt war, dass och mol zwee Zich d'Bréck kéinte gläichzäiteg benotzen. Elo soll d'Struktur nogerëscht ginn, fir och ee Betribsszenario ze erméiglechen, bei deem zwee Zich an déi selwecht Richtung fueren oder bremse kënnen. Laut CFL sollen dës Problemer keng Auswierkungen op den Zäitplang hunn an d'Méikäschte beim „Saut-de-Mouton" ënner engem Prozent vum Gesamtbudget leien. Ee konkrete Montant gouf net genannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi héich sinn d'Méikäschte fir d'Aarbechte vum „Saut-de-Mouton" a fir den Austausch vum Schottermaterial a wien bezilt fir dës Méikäschten?

2. Wéi wierken sech dës Méikäschten op d'Ingenieurs- an Architektenkäschten aus a wien iwwerhëllt dës Méikäschten?

3. Wéini genau gouf beim Projet festgestallt, datt d'Statik net de Kompatibilitéitskrittäre fir en Netz ouni Aschränkung bei der Fuertrichtung entsprécht?
   Wéini goufen dës nei Krittären definéiert a wéini gouf d'Decisioun geholl, fir nozebesseren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Kann d'Ministesch garantéieren, dass d'Streck bis September 2027 definitiv fäerdeg gemaach gëtt oder gëtt et ee Risiko fir eng méiglech Verspéidung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten